



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7111 vum 3. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler an vun der honorabler Deputéiert Madamm Carole Hartmann.

1. Wou ass den Dossier vun engem IRM, deem an der Weelzer Klinik installéiert soll ginn, aktuell drun? Gouf den Dossier méttlerweil formell vum Centre hospitalier du Nord agereecht?

Den Gesondheetsministère an den Ministère fir sozial Sécherheet hunn allebéid hiren Accord de Prinzip fir en Projet vun engem IRM um Site vum Centre Hospitalier du Nord (CHdN) zu Woltz ginn.

Aktuell schafft den CHdN een Dossier aus fir den Gesondheetsministère mat enger Demande d'autorisation et de subventionnement ze befaassen. Varianten vun Installatioun am Spidol St.Joseph respektiv an enger Annexe am Kader vum Projet Schlasskéier ginn évaluéiert.

2. Wéi vill Patiente kéinten zu Woltz am Duerchschnëtt dagdeeglech mat dësem IRM ënnersicht ginn?

Am Joer 2019, goufen et am CHdN ronn 6.500 IRM Passagen, am Duerchschnëtt 24,2 IRM Passagé pro Schaffdag a pro Apparat (par rapport zu insgesamt ronn 57.000 IRM Passagen am ganze Land mat engem Duerchschnëtt vu 27,6 IRM Passagé pro Schaffdag a pro Apparat).

Am Joer 2021, goufen et am CHdN ronn 12.100 IRM Passagen, am Duerchschnëtt 23,0 IRM Passagé pro Schaffdag a pro Apparat (par rapport zu insgesamt ronn 79.000 IRM Passagen am ganze Land mat engem Duerchschnëtt vu 27,2 IRM Passagé pro Dag a pro Apparat).

Et ass ze bemierken dass d'Unzuel vun Apparater sech am CHdN, ewéi och an den anere Spideeler, verännert huet an domat am CHdN d'IRM Passagen sech bal verduebelt hunn tëschent 2019 an 2021 bedéngt eben duerch elo zwee IRM Apparater. Zousätzlech huet säit Enn Oktober den CHdN seng Plagen fir Rendez-vous'en fir en IRM ze huelen optimiséiert, sou dat elo bis zu 60-65 IRM'en den Dag kënnen duerchgefouert ginn.

Generell muss een och de nationalen Duerchschnëtt nuancéieren, well d'Unzuel vun de Passagen och vun de verschidde Type vun IRM Examen ofhänkt, well dës méi oder manner Zäit an Usproch kënnen huelen. Éischten Schätzungen no géif en neien IRM zu Woltz et awer erlaben (mat Öffnungszäiten vun 7.00 – 17.00 Auer) 25 zousätzlech IRM'en den Dag duerchzeféieren ab deem Moment wou den zousätzlechen IRM-Apparat bis voll operationell wär.

3. Wéi héich gëtt de Käschtpunkt vu sou engem IRM ageschat?

Een IRM Apparat kascht nei ongeféier EUR 900.000.- woubäi déi Käschten souwuel vun der technescher Ausstattung mat Zousätzéquipemententer wéi och vun der Négociatioun ofhänken.

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2022

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert